

# Fédération Luxembourgeoise de Marche Populaire asbl



N° registre de commerce : F1749

Membre du Comité Olympique et Sportif Luxembourgeois (COSL)  
Membre de la Fédération Internationale des Sports Populaires (IVV)  
Membre de la Fédération Européenne des Sports Populaires (EVV)

B.P. 56 · L-9201 Diekirch · Internet: www.flmp.lu · e-Mail: info@flmp.lu · GSM: 691 302 687  
compte bancaire N°: CCPLULL LU90 1111 0469 4089 0000



Ref. : FLMP-2017-069

## Newsletter 1 / 2017

März 2017

### Visibilitéit an der Press mam Lëtzebuenger Wort

Bei der Sich no engem Mediepartner fir eise groussen Event « all you can walk » vun 2018, hu mir elo déi grouss Chance, zesumme mam Lëtzebuenger Wort kënnen ze schaffen. Si erméiglechen eis bis den August 2018 praktesch all Mount eng ganz Säit am Lëtzebuenger Wort ze fëllen mat allméiglechen Informatiounen iwwert eis Aktivitéiten.

16 Säiten kréie mir zur Verfügung an der Rubrik „my wort“ wou mir d'Chance hunn iwwer 66.000 Lieser ze errechen. Eng éischt Rubrik wäert fir de 25. Abrëll presentéiert ginn.

### Kalenner 2018

Nodeems um Kalennerkongress déi verschidden Datumer festgeluecht gi sinn, siche mir nach ëmmer no engem Veräin fir d'Organisatioun vun der Journée Nationale vum Nordic-Walking a fir d'Organisatioun vum Young Walkers Day 2018.

Verschidden Ännerungen sinn an der téscht erakomm, sou datt elo folgend Datumer nach fir 2018 fräi sinn: Dënschdeg, den 1. Mee (Leideleng ass op den 8. Abrëll gewiesselt), de Sonndeg, 2. September (Senneng ass op de 26. August gewiesselt), Sonndeg, den 18. November, Sonndeg, de 16. Dezember a Sonndeg, den 23. Dezember 2018.

D'Veräiner hunn nach Zäit bis den 1. Juni 2017 fir eventuell Changementer resp. nei Datumen anzereechnen.

### Yuppi-Walk

Och fir 2018 plange mer erëm 6 Yuppi-Walken ze organiséieren. Déi Veräiner, déi un enger vun dësen Organisatiounen interesséiert sinn, solle sech bis spëtstens den 10. Abrëll 2017 am FLMP-Sekretariat mellen. Fir dës Organisatiounen sollen nieft enger attraktiver Streck fir d'Kanner och ënnerwee verschidde Spiller mat de Kanner ugebuede ginn.

### 2. Nationalen Dag vun der Geféierter Wanderung

Nom groussen Erfolleg vum leschte Joer organiséiere mir och dëst Joer erëm de Nationalen Dag vun der Geféierter Wanderung. Mir wäere frou, wann esou vill wéi méiglech Veräiner sech dorunner géife bedeelegen. Et ass dëst ëmmer erëm eng gutt Geleeënheet fir säi Veräin an de Wandersport de Leit méi no ze bréngen.

Fir datt mir kënnen e Plang opstellen an eventuell déi verschidde Startzäiten kënnen koordinéieren, biede mir all interesséiert Veräiner, sech bis den 10. Abrëll am FLMP-Sekretariat ze mellen.

### Springbreak – Luxexpo

Dëst Joer hu mir déi grouss Chance fir kënnen en Infostand op der Fréijoersfoire „Springbreak“ ze besetzen. Vum 22. bis de 26. März si mir all Dag vun 12.00 bis 21.00 Auer op der Foire fir eis dem groussen Public ze presentéieren.

Zousätzlech leeft e Concours fir den Donneschdeg, den 23. März, wou et dank eise Sponsoren och flott Präisser ze gewanne gëtt. D'Veräiner hu schonns alleguerten e Flyer mat engem gratis Entréesbilljee an engem Coupon fir um Gewënnsbill matzemaachen un hir offiziell Adress geschéckt kritt. Si sollen dës un hir Membere weiderginn.

Déi Veräiner, déi wëllen Flyeren vun hire Wanderungen op dëser Foire ausleeën, sollen dës bis den 20. März un d'FLMP-Sekretariat schécken.

## **Infostand Belle Etoile**

Och dëst Joer si mer erëm mat engem Infostand an der Belle Etoile, dëst vum 20. bis den 29. Abrëll. Mir soen all de Veräiner, déi sech bereet erkläert hunn, fir dëse Stand mat ze besetzen e grouse Merci fir d'Mataarbecht. Folgend Veräiner besetzen eise Stand: 20.04.2017 Amicale des Marcheurs Kayl – 21.04.2017 – Gehansbiergkanppen Butschebuerg – 22. an 29.04.2017 – FLMP – 24.04.2017 – Cercle Pédestre Larochette – 25.04.2017 Footing Club Izeg - 26.04.2017 – Lënster Trëppler – 27.04.2017 – Per Pedes Bertrange – 28.04.2017 – Muselfrënn Oberdonven an Heemelsdéiercher Senningen.

Och hei kënnen eis Veräiner hir Flyeren ofginn.

## **Escapardenne**

Virun zwee Joer ass de Wanderwee Escapardenne vun Ettelbréck op La Roche-en-Ardenne opgaangen. Dësen ass och prämiéiert ginn an der Kategorie „Leading Quality Trails – Best of Europe“. Dëse Wanderwee bidde mir an nächster Zäit un als „Weitwanderweg“ mat IVV-Stempel. 157 Kilometer a 7 Etappen täscht 15 a 25,5 Kilometer gi gewandert an och gestempelt. Déi effektiv gewandert Kilometer ginn an d'Kilometerheft agedroen a 7 Participatiounsstempelen fir de ganze Wanderwee.

Eise Partner „Ardennes Rando“ vun Doncols offrëiert vum 15. bis den 21. Juli 2017 dës Wanderung mat engem Guide a mam Transport vum Gepäck vun Etape zu Etape. Informatiounen op eisem Internetsite [www.flmp.lu](http://www.flmp.lu) oder bei „Ardennes Rando“ um Telefon 287 77 500 oder [www.ardennes-rando.com](http://www.ardennes-rando.com)

## **Ëmweltbewosst Drénkbecheren**

Sou wéi op eiser Generalversammlung ugekënnegt a mat der Mathëllef vun der Ëmweltministesch Carole Dieschbourg wäerte mir an nächster Zäit eise Veräiner eng Propose zoukomme loossen, fir eis Wanderungen méi ëmweltbewosst ze organiséieren an déi Plastikbecheren sou wäit wéi méiglech vun de Wanderungen ze eliminéieren. Mir soen deene Veräiner schonns e grouse Merci, déi sech Gedanke gemaach hunn an eis hir Iddien matgedeelt hunn.

## **E Maskottchen fir d'FLMP**

Mir sinn op der Sich no engem Maskottchen fir eis Wandersportfederatioun. Dofir hu mer e Flyer entworfen, dee besonnesch eis Kanner soll usprieche. Si kënnen täscht 6 Propose wielen oder awer eng nei Propose respektiv en neie Numm bestëmmen. Dës Flyeren ginn et op verschidde Wanderungen an d'Iddien musse virum 15. Oktober an d'Urne geheit ginn.

## **Treffpunkt – 10 Auer**

Fir datt déi Leit, déi net eleng wëlle wandere, sech kënnen zesummefannen, huet d'FLMP e Schëld entworfen, dat den Treffpunkt vun 10 Auer uweist. Dëst Schëld soll gutt siichtbar opgestallt ginn a virum 10 Auer soll e Veräinsverantwortlechen kucken, datt déi intresséiert Leit sech kënnen zesummen op d'Streck maachen. Et wär och flott wann d'Veräiner dëst an Zukunft kéinten op hirem Flyer annoncieren.

## **Relais pour la vie**

Fir déi drëtte Kéier bedeelegt sech d'FLMP mat enger Equipe vu 27 Leit um Relais pour la vie iwwert 24 Stonnen an der Coque. Och d'Veräiner vun Diddeleng a vu Jonglënster sinn ageschriwwen. Kommt bis laansch an ënnerstëtzt eis Leit bei hirem Asaz géint de Kriibs.

## **PW-Bus**

Den 20. Mee kënnt dir mam PW-Bus zesumme mat anere Wanderer op 5 verschidde PWen trëppele goen. Den éischten Depart ass um 7.30 Auer zu Diddeleng, wou de PW 014 getrëppelt gëtt. Duerno geet et weider mam Bus op de PW 017 an den Ellergronn, dann op de PW 010 op Bech, de PW 019 op Buerglënster an ofschléissend de PW 011 zu Leideleng. De Präis ass 40.- € inklusiv e Picknickkuerf. Umeldungen beim FLMP-Sekretariat. Et besteet och d'Méiglechkeet fir owes zu Diddeleng un engem gemeinsamen Nuetessen (Ham, Fritten an Zalot) deelzehuelen. Dëst kascht e Supplement vun 18,50 €. Ogepasst: d'Plazen am Bus si begrenzt. Weider Infoe fannt dir op eiser Internetsäit [www.flmp.lu](http://www.flmp.lu).

**Mir soen iech elo schonns e grouse Merci, datt dir all är Memberen iwwert dës Newsletter informéiert, dëst am Kader vun eiser Aktioun „Kommunikatioun am Veräin“.**

1. **Die Bock-Kasematten** : Längere Öffnungszeiten ab 1. April 2017
2. **Explore Luxembourg** am 14. und 15. April 2017 auf der "Plëss"
3. Entdecken Sie die **europäische Größe der Stadt Luxemburg** mit dem **Themenrundgang "Luxemburg, europäische Hauptstadt"**
4. **Emaischen** am Ostermontag 17. April 2017

### 1. Geschichte zum Anfassen: Besuchen Sie die Bock-Kasematten in Luxemburg-Stadt

#### Luxemburg « unterirdisch » : die Kasematten

Die Festungsbollwerke und die nicht minder geschichtsträchtige Altstadt genießen weltweites Renommee. 1994 wurden sie von der UNESCO in die Liste des Welterbes aufgenommen. Die unterirdischen Befestigungsanlagen der **Kasematten** im mächtigen Bockfelsen, der Wiege der Stadt Luxemburg, gehören zu den absoluten Highlights eines jeden Luxemburg-Besuchs. Die im 18. Jahrhundert von den Österreichern angelegten Bock-Kasematten boten einst Platz für 1200 Soldaten. Heute hat man einen herrlichen Blick aus den Schießscharten auf die Ober- und Unterstadt. Besuchen Sie die unterirdischen Galerien individuell oder im Rahmen einer Führung. Zwischen April und September haben die Bock-Kasematten sogar bis 20.30 Uhr geöffnet.

#### Praktische Infos:

#### Täglich geöffnet vom 18. Februar bis 5. November 2017

Bis 31. März und vom 1. Oktober bis 5. November : 10 - 17.30 Uhr (letzter Einlaß um 17 Uhr)

Vom 1. April bis 30. September: 10 - 20.30 Uhr (letzter Einlaß 20 Uhr)

Eintrittspreise: Erwachsene: 6 €; Erwachsene in einer Gruppe, Studenten, Senioren: 5 €, Kinder zwischen 4 und 12 Jahre : 3 €; Gratis für Kinder unter 4 Jahren.

#### Regelmäßige Führungen:

Täglich vom 1. April bis 30. September: 11 Uhr (D/F), 16 Uhr (D/GB) und 18 Uhr (L/GB)

Eintrittspreise mit Führung: Erwachsene: 12 €; Erwachsene in einer Gruppe, Studenten, Senioren: 10 €, Kinder zwischen 4 und 12 Jahre : 6 €; Gratis für Kinder unter 4 Jahren

Mehr Infos: [www.lcto.lu](http://www.lcto.lu)

### 2. EXPLORE LUXEMBOURG am Freitag 14. & Samstag 15. April 2017 auf der "Plëss", von 11-18 Uhr

Pünktlich zum Auftakt der Tourismussaison präsentieren sich die verschiedenen Regionen des Großherzogtums auf dem Place d'Armes in der Stadt Luxemburg. Das Luxembourg City Tourist Office in Verbund mit den "Offices régionaux de Tourisme" organisiert bereits zum dritten Mal die Open-Air Veranstaltung EXPLORE LUXEMBOURG. Das touristische Luxemburg mit seiner Vielfalt an Attraktionen und Produkten lädt am Karfreitag 14. April und Karsamstag 15. April zu einem bunten Stelldichein auf die "Plëss" ein. Neben Informationsständen, wo man sich u.a. über das dichte Wanderwege- und Radwegenetz des Großherzogtums informieren kann, gibt es an beiden Tagen viel Musik und Animationen für Klein und Groß. Weitere Infos demnächst auf [www.lcto.lu](http://www.lcto.lu).

### 3. Auf dem Themenrundgang "Luxemburg, europäische Hauptstadt"

Am 25. März jährt sich der 60. Jahrestag der Unterzeichnung der Römischen Verträge, die den Grundstein der heutigen Europäischen Union legten. Vieles begann in der Stadt Luxemburg, wo bis auf den heutigen Tag gewichtige europäische Institutionen angesiedelt sind. Entdecken Sie die europäische Größe der Stadt Luxemburg mit dem thematischen Rundweg « Luxemburg, europäische Hauptstadt »! Hier finden Sie die historischen Orte, an denen europäische Geschichte geschrieben wurde: das Rathaus, das Cercle-Cité, das Europahaus, das Robert-Schuman-Geburtshaus, der Tagungsort des Rates der Europäischen Union, das Europäische Parlament, der Europäische Rechnungshof, die Europa-Schule, die Europäische Kommission, der Europäische Gerichtshof, die Europäische Investitionsbank und das Robert-Schuman-Denkmal. Europa im Taschenformat und auch mit Gästeführer jederzeit beim LCTO buchbar. Weitere Themenrundgänge finden Sie auf [www.lcto.lu](http://www.lcto.lu).

#### **4. Rendez-Vous an Ostermontag mit dem "Péckvillchen" : Emaischen am 17. April 2017**

Der Ostermontag gehört in der Stadt Luxemburg dem fröhlichen Treiben auf der « Emaischen ». Der bei Groß und Klein beliebte Volksmarkt, der jedes Jahr inmitten der Altstadt abgehalten wird, ist vor allem wegen den « Péckvillercher » bekannt. Das sind aus Tonerde hergestellte Pfeifen in Vogelform. Die bunt angemalten und in verschiedenen Größen geformten Vogelpfeifen sind begehrte Mitbringsel aus Luxemburg. Um die schönsten Exemplare zu ergattern, lohnt es sich sehr früh aufzustehen und die « Emaischen » zu besuchen. Dichtes Gedränge gibt es nämlich schon in den frühen Morgenstunden in den Straßen der Altstadt, auf dem Fischmarkt und hinter dem großherzoglichen Palast.

Das muntere Zwitschern der « Péckvillercher », das in den engen Gassen in unterschiedlichen Tönen und Lautstärken zu hören ist, kündigt sozusagen den Frühling an. Die Vogelpfeifen ahmen nämlich den Ton des Kuckucks nach. Mit dem Ruf des Kuckucks, der Ende März oder Anfang April erstmals nach dem Winter zu hören ist, kehrt der Frühling zurück.

Seit über 175 Jahre gibt es bereits den beliebten Volksmarkt an Ostermontag.

#### **Les Casemates du Bock inscrites sur la liste du patrimoine mondial de l'UNESCO, ouvertes jusqu'en novembre 2017**

**Ces galeries souterraines labyrinthiques taillées dans le rocher sont uniques au monde et témoignent du passé glorieux de la légendaire ville-forteresse. D'avril à septembre, des visites guidées commentées sont organisées trois fois par jour. En 2016, plus de 125.000 visiteurs y ont mis les pieds, faisant de ce site la première attraction touristique de la capitale.**

Pendant quatre siècles, Luxembourg était sous domination étrangère, et les meilleurs ingénieurs des nouveaux maîtres (Bourguignons, Espagnols, Français, Autrichiens, Confédération Germanique) ont transformé la ville en l'une des plus fortes places du monde, la "Gibraltar du Nord". La défense de la citadelle était assurée par trois ceintures fortifiées avec 24 forts et 16 autres puissants ouvrages ainsi que cet extraordinaire réseau souterrain de 23 km de casemates. Les casemates étaient donc ce fameux ensemble de galeries souterraines qui s'étendaient sur 23 km et sur plusieurs étages creusés jusqu'à 40 m de profondeur. Les Casemates du Bock, creusés par les Autrichiens en 1745/46, avaient une superficie de 1.100 m<sup>2</sup>, elles pouvaient abriter une garnison de 1.200 soldats avec leur équipement et une cinquantaine de canons. L'ensemble de ces aménagements allait faire de la ville une des plus importantes places fortes en Europe. Après le démantèlement en 1867 de la forteresse, les casemates furent en partie détruites et réduites à 17 km.

#### **Infos pratiques**

- Accès: Montée de Clausen, Luxembourg
- Dates d'ouverture: du 18.2. au 5.11.2017
  - Horaires: Du 18.2. au 31.3. et du 1.10. au 5.11.2017: <sup>[SEP]</sup>ouvertes tous les jours de 10h00 à 17h30 (dernière entrée à 17h00). Du 1.4. au 30.9.2017: <sup>[SEP]</sup>ouvertes tous les jours de 10h00 à 20h30 (dernière entrée à 20h00) <sup>[SEP]</sup>.
  - Prix d'entrée sans visite guidée: adultes 6 € ; adultes en groupe, étudiants, seniors 5 € ; enfants de 4 à 12 ans 3 €. Gratuit pour les enfants jusqu'à 4 ans.

#### **Visites guidées régulières**

- Dates : du 1.4. au 30.9.2017
  - Horaires : tous les jours à 11h00 (allemand/français), 16h00 (allemand/anglais) et 18h00 (luxembourgeois/anglais) <sup>[SEP]</sup>.
  - Prix d'entrée avec visite guidée: adultes 12 € ; adultes en groupe, étudiants, seniors 10 € ; enfants de 4 à 12 ans 6 €. Gratuit pour les enfants jusqu'à 4 ans.

#### **Visites guidées personnalisées sur demande**

- Prix: 100 € par guide (2 heures) + prix d'entrée des Casemates du Bock
- Réservations: Luxembourg City Tourist Office, tél.: (+352) 4796 2709, [guides@lcto.lu](mailto:guides@lcto.lu)

## **“Explore Luxembourg” pendant le weekend de Pâques: Deux journées-découverte des régions touristiques du Grand-Duché**

**14 et 15 avril 2017, de 11h00 à 18h00, place d’Armes, Luxembourg**

Le Luxembourg City Tourist Office en coopération avec les acteurs touristiques des régions du Grand-Duché vous invitent à venir découvrir la panoplie de l’offre touristique-culturelle du Luxembourg, les 14 et 15 avril 2017 à la place d’Armes. Le weekend de Pâques, cette place se transformera ainsi en un "Mini-Grand-Duché touristique" avec, au programme, informations touristiques, animations pour petits et grands, concerts et découverte de produits du terroir.

Dans le cadre de l’édition 2017, le Luxembourg City Tourist Office et les Offices Régionaux de Tourisme (ORTs) accueillent les visiteurs avec leurs nouveautés tandis que Luxembourg for Tourism présente une nouvelle application qui est exclusivement consacrée à la LuxembourgCard. Les visiteurs découvriront la diversité des régions du Grand-Duché avec son cortège d’attractions et de sites à explorer. Autre nouveauté: du 28 juin au 6 août, la tour panoramique mobile CitySkyliner fera monter les visiteurs au-dessus des toits de la capitale, à 81 mètres, où ils pourront jouir d’une vue époustouflante.

Côté animation musicale, le Duo Krunnemécken, l’orchestre Pol Milbert, le quintette de cuivres City Brass, l’emblématique Daniel Balthasar, le groupe de rap T the Boss, la Chorale Singing Ladies Mondercange et le groupe folklorique La Ronde représenteront le Grand-Duché musical. Côté sport, les passionnés du vélo pourront goûter à un air de Tour de France avec des invités surprise.

### **Programme musical**

14.4.2017

11h00 – 13h00 Duo Krunnemécken (Chant et accordéon)

13h30 – 16h00 Orchestre Pol Milbert

16h00 – 18h00 Quintette de cuivres City Brass

15.5.2017

11h00 – 13h00 Duo Krunnemécken (Chant et accordéon)

13h30 – 14h30 Daniel Balthasar & Band

15h00 – 15h45 T the Boss (Rap et hip hop luxembourgeois)

16h15 – 17h00 Folklore La Ronde (danse traditionnelle)

17h00 – 18h00 Chorale Singing Ladies Mondercange (Chant luxembourgeois et du monde)

